N°2797
Entrée le 20.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.08.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/08/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.**

Laut dem Gesetz iwwert d'Coque sinn dem nationale Sport- a Kulturzenter seng primär Missiounen, déi sportlech Aktivitéite vun de Sportverbänn an de Schoulsport ze garantéieren. Iwwert d'Missioune vun der Coque, hir finanziell Transparenz an hir Zukunft am Kontext vun der geplangter AINS-Integratioun stellen sech verschidde Froen. Wat de finanziellen a personelle Volet ubelaangt si leider wéineg Zuelen ze fannen, weder um Site vun der Coque selwer nach am „rapport d'activité" vum Sportsministère.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Léit sinn aktuell bei der Coque ugestallt, well dës Informatioune weder am Aktivitéitsrapport vum Sportsministère nach um Site vun der Coque ze fanne sinn?

2. Wéi sinn déi aktuell Aarbechtskonditiounen a Gehälter vum Personal vun der Coque de Moment gereegelt? Ass de Minister net der Meenung, dass dës kéinten, wann se et net scho sinn, iwwert e Kollektivvertrag gereegelt ginn? Wann nee, firwat net?

3. Kann de Sportminister een Tableau liwwere mat den Zuele vum Chiffre d'affaires vun der Coque, der staatlecher Kontributioun, dem Resultat vum Exercice an der Héicht vun den eventuelle Reserven, opgeschlësselt pro Joer säit dem Akraafttriede vum Gesetz?

4. Säit wéini gëtt et dës Konventioun a wéi genau sinn d'Obligatioune vu Staat a Coque do gereegelt, besonnesch wat d'Prise en charge vun de Fraisen ubelaangt?

5. Laut den Iwwergangsbestëmmunge vum Coquegesetz konnten deemools och Agenten, déi beim Staat ugestallt waren, hire Statut behalen a sinn domadder weiderhi vum Staat bezuelt ginn. Ëm wéi

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

vill Mataarbechter huet et sech heibäi pro Joer gehandelt säit d'Gesetz a Kraaft ass?

6. Och gesäit d'Gesetz fir, dass d'Coque d'Indemnitéiten, d'Paien an déi sozial Chargë vun dëse Mataarbechter un de Staat rembourséiert. Wat huet dëst pro Joer säit dem Akraafttriede vum Coquegesetz ausgemaach?
7. Laut fréieren Aussoe vum Minister, an och laut Regierungsprogramm, sollen ënnert anerem d'Coque an aner national Sportsinfrastrukturen, an een neie gréisseren „établissement public", AINS genannt, integréiert ginn. Wéi passt dat zu der Ausso vum Minister, dass d'Coque déi „ wichtigste Sportinfrastruktur des Landes" wier? Misst am Kontext vun där Ausso d'Coque dann net een eegestännegen Etablissement bleiwen?
8. Ass d'Personal vun der Coque an deem Kontext schonn iwwert eventuell Pläng an Ännerunge vum Minister informéiert ginn?
9. Wat geschitt mam Personal vun der laut Minister wichtegster Sportinfrastruktur vum Land, wann dës tatsächlech an ee schonn a Sportskreesser als „Wasserkapp" bezeechenten Infrastruktur integréiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés